N°2002
Entrée le 19.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire N°2002 du 3 mars 2025 de l'honorable Député Marc GOERGEN concernant « Impact de l'intelligence artificielle et de la robotisation sur le marché du travail ».**

**Fro N°1: Gëtt op iergendeng Manéier erfaasst oder projezéiert wéi vill Aarbechtsplazen ersat oder op mannst à risque sinn an noer Zukunft ?**

Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro N°1882 duergestallt, seet eng rezent Etude, déi spezifesch den Impakt op Lëtzebuerg analyséiert (https://cms.implementconsultinggroup.com/media/uploads/articles/2024/The-economic-opportunity-of-generative-AI-in-Luxembourg/The-economic-opportunity-of-AI-in-Luxembourg.pdf) viraus, dass duerch kënschtlech Intelligenz (KI):

- 6 % vun den Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg kënnen ersat ginn (am Verglach zu 7 % an der EU);
- 72 % vun den Aarbechtsplaze kënne gestäerkt ginn (am Verglach zu 61 % an der EU);
- 22 % vun den Aarbechtsplazen net betraff sinn (Am Verglach zu 32 % an der EU).

De generellen Impakt vu KI zu Lëtzebuerg gëtt also éischter als positiv fir den Aarbechtsmaart virausgesot, besonnesch a Secteuren wéi de Finanzen, der Comptabilitéit, dem Droit, der Informatik, etc.

Et bleiwen awer déi 6% vun Aarbechtsplazen, déi „à risque" sinn – speziell am administrative Beräich an a Beräicher, wou vill Kontakter mat Cliente bestinn. An deem Kontext muss preventiv reagéiert ginn, fir de concernéierten Aarbechter ze hëllefen hier Kompetenzen ze stäerken a komplementär zur KI ze bleiwen. D'Mataarbechter mussen also deementspriechend forméiert ginn.

Déi Mataarbechter, deenen hir Aarbecht eventuell kéint duerch d'KI ersat ginn, musse besonnesch Hëllef kréie fir sech kënnen ze "up-skillen" oder ze "re-skillen". Dat ass och d'Zilsetzung vum Projet de loi 'Skills-Plang', dee vum Aarbechtsministère deposéiert gouf.

**Fro N°2: Gëtt op iergendeng Manéier erfaasst oder projezéiert wéi een Impakt dat um Niveau vun de Cotisatiounen huet an noer Zukunft ?**

Aktuell gëtt net erfaasst oder projezéiert, wéi een Impakt um Niveau vun de Cotisatioune d'Robotisation oder d'KI an noer Zukunft wärten hunn.

**<u>Fro N°3:</u> Gëtt et säitens dem Ministère en Austausch mat de Gewerkschafte betreffend dëse Punkten ? A falls jo, wat sinn d'Konklusiounen déi an dësem Kontext bis elo konnte gezu ginn ?**

Dëse Sujet wärt um Ordre de jour vun enger vun de nächste Réunioune vum « Comité permanent du travail et de l'emploi » (CPTE) figuréiren.

Luxembourg, le 18 mars 2025

**(s.) Georges MISCHO**
**Ministre du Travail**